# D'Integratiounscouch steet zu Duelem

## „Spilldierfchen INACOBADO" gewënnt Concours vun „LEADER Miselerland"

**Zesumme sëtzen op der Integratiounscouch zu Duelem** Foto: arm

**MENSTER**
ARMAND JAMINET

Am August 2012 hat „LEADER Miselerland" de Concours „Integratiounscouch" lancéiert, an zwar an Zesummenaarbecht mam OLAI („Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration"), der ASTI, an de 14 Muselgemengen - Betzder, Bous, Duelem, Fluessweiler, Gréiwemaacher, Lenneng, Manternach, Mäertert, Munneref, Réimech, Schengen, Stadbriedemes, Waldbriedemes a Wormer -, déi Member am GAL („Groupe d'Action locale") sinn. Schlussendlech si 15 Projeten an zwielef Gemengen realiséiert ginn, Betzder a Stadbriedemes hate sech net bedeelecht.

Zu Menster goufen kierzlech a Präsenz vum Minister Nicolas Schmit, d'Präisgelder un déi dräi Gewënner aus Duelem, Maacher a Waldbriedemes verdeelt, wou den éischte Präis mat 3.000 Euro dotéiert wor. Mat dem Concours „Miselerland Integratiounscouch" wollt LEADER Miselerland, souwuel de Lëtzebuerger wéi och de Matbierger, déi hir Wuerzelen am Ausland hunn, virun eng Erausfuerderung stellen. Et sollt en Zeeche gesat ginn géint de Widderstand, géint Veränneruing, fir d'Oppenheet a fir d'Diversitéit vun de Mënschen an dëser Regioun vum Land, symboliséiert duerch Bänken oder allgemeng Sëtzmiwwelen.

### Dräi Institutiounen, eng Zesummenaarbecht

Fofzéng Creatioune sinn doropshin entstan. Si hunn elo hir Plazen an de Gemengen aus dem Miselerland fonnt a lueden derzou an, sech zesummen ze setzen, ze poteren an ze diskutéieren, een den anere kennen ze léieren an d'Ängschten ofzebauen.

Ganz no beieneen leien zu Duelem d'Schoul, d'Maison Relais a den „Foyer la Cerisaie Fondation Kraizbierg", awer jiddereen blouf ëmmer ee wéineg ënnert sech. Aus dem Grond hu sech d'Maison Relais, d'Awunner vun der Cerisaie, d'Jugend aus der „Maison des Jeunes", d'Kommissioun vum Drëtten Alter, Dammen aus dem Duerf, d'Gemeng Duelem selwer, de Fieschter a seng Aarbechter, mä och verschidden Handwierksbetriber zesummen gedoen, fir dëse Projet ze realiséieren, deen elo an der Kierlingerstrooss, direkt virun der Zentralschoul zu Duelem, seng Plaz huet.

### Eng neutral Plaz

Déi Duelemer gesinn „Spieldierfchen INACOBADO", wat am Fong „Onfäerdeg Spilldierfchen" heescht, als neutral Plaz fir sech zesummen ze fannen, déi si och an Zukunft weiderliewe loosse mat regelméissegen Aktivitéiten an Treffen, wou jidderee sech kann zu all Zäitpunkt dobäi sëtzen.